



Administration communale
de Reckange-sur-Mess

N°3 :: 2021

:: www.reckange.lu

Gemegebuet

Reckeng op der Mess

RECKENG OP DER MESS :: ÉILENG :: LAMPECH :: PIISSENG

:: RIEDGEN :: WICKRENG



Impressum

KlimaPakt | EUROPEAN
ENERGY
AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech

Editeur responsable:

Administration Communale de Reckange-sur-Mess

ISSN 2418-442X

Mise en page et textes:

Julien Primout

Rapports des séances du conseil communal:

Savas Koroglanoglou, Julien Primout

Photos:

Julien Primout, Jenny Mannes, Candice Pennerad, Nadine Weber, APERM, SUDÉnergie

Réalisation:

Reka Print +
2a, Zare llot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

Imprimé sur du papier Circle offset recyclé



Kennen Sie schon / Connaissez-vous



*Um unseren Einwohnern dringende und wichtige Informationen zu übermitteln, hat die Gemeinde Reckingen/Mess **SMS2CITIZEN** eingeführt. In Notfällen (z.B. Wasserabschaltung, Straßensperren) kann die Gemeinde so ihre Einwohner unverzüglich per SMS erreichen und informieren. Melden Sie sich jetzt an: www.reckange.lu/fr/Documents/formulaire/Formulaire%20-%20Inscription%20sms2citizen.pdf, oder telefonisch: 37 00 24 - 26.*

*Pour pouvoir transmettre des informations urgentes et importantes à ses habitants, la commune de Reckange-sur-Mess a instauré **SMS2CITIZEN**. Ainsi, en cas d'urgence (coupure d'eau, route barrée, etc.), la commune pourra avertir sans retard les habitants concernés par SMS. Inscrivez-vous dès maintenant: www.reckange.lu/fr/Documents/formulaire/Formulaire%20-%20Inscription%20sms2citizen.pdf ou par téléphone au 37 00 24 - 26.*

Index

4	Virwuert vum Här Buergermeeschter
4	Opruff un eis Bierger am Kader vun de rezenten Onwieder
5	Préface de Monsieur le Bourgmestre
5	Appel à nos citoyens dans le cadre des récentes intempéries
6	Annuaire
7	Eis Beem hu Charakter / <i>Nos arbres ont du caractère</i>
8-11	Rapport de la séance du conseil communal du 20 mai 2021
12-15	Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 20. Mee 2021
16-18	Rapport de la séance du conseil communal du 1 ^{er} juillet 2021
19-21	Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 1. Juli 2021
22	Analyses d'eau potable
23	Dohigekuckt / <i>coup d'œil</i>
24-25	D'Reckenger Jugendhaus / <i>La Maison des Jeunes de Reckange</i>
26-27	Gigs@Terrassen by KultuReck a.s.b.l.
28-31	De Virowend vun Nationalfeierdag / <i>La Veille de la Fête Nationale</i>
32-33	Mir sinn eng Fairtrade Gemeng: Fairtrade-Reis - Handel & Recepte
	 <small>EUROPEAN ENERGY AWARD</small> Meng Gemeng engagéiert sech
34-35	Um Wee fir eng nohalteg Energieversuergung – SUDGAZ gëtt SUDenergie <i>Vers une gestion énergétique durable – SUDGAZ devient SUDenergie</i>
36	État Civil
	37 Formulaire: Subside scolaire 2021/2022
38	SDK: Farben & Lacke / <i>Peintures & laques</i>
39	Mayors For Peace: Les bourgmestres luxembourgeois se prononcent pour le désarmement nucléaire à l'échelle mondiale
39	Fotosconcours: Liewen an eiser Gemeng / <i>Concours photo: Vivre dans notre commune</i>

Léif Matbiergerinnen a Matbierger



De 4. Juni 2021 wäert wuel a schlechter Erënnerung fir eng Abberzuel Reckenger Bierger bleiwen. Nodeems et scho wochelaang fiicht an naass war, sinn deen Dag a kierzester Zäit 65 Liter Waasser op de m² gefall.

Dat kënnen dee beschten Ofwaasserreseau an déi déifste Grief net méi meeschteren: eng ganz Rei Kellere si vollgelaf, an och verschidden Haiser haten d'Waasser an de Bulli an der Wunneng um Rez-de-Chaussée stoen.

Aenzeien hu vun enger reeglechter „Bullislawin“ geschwat, déi iwwer d'Felder aus Richtung Riedgen op Reckeng zougerullt ass.

Virun allem d'Awunner aus der Cité „Reispelt“ goufe getraff, awer och an aneren Uertschaften aus der Gemeng ass bei den Awunner Schued a Misär entstanen.

D'Gemengeservicer hu schnell an onbürokratesch reagéiert an dofir gesuergt, dass déi Betreffen direkt Containeren op d'Plaz geliwwert kruten, fir alles wat futti war z'entsuergen. Et ass och eng spezialiséiert Firma beoptraagt gi fir d'Ofwaasserkanäl vum Bulli ze botzen an esou weidere Schued duerch verstoppte Reseauen ze vermeiden.

Mëttlerweil huet d'Gemeng och Container opgestallt, wou déi betreffen Awunner hir Miwwele stockéiere kënnen, bis d'Kellere nees dréche sinn a benotzt kënnen ginn.

Wann deen een oder aneren och d'Impressioun hat, dass Munches hätt méi schnell kënnen goen, muss een agestoen dass d'Servicer net gläichzäiteg bei alle Betreffen intervenéiere konnten. Et ass awer gewosst dass sämtlech Acteuren, d'Pompjeeën an déi verschidde Gemengeservicer de Weekend iwwer hiert Bescht gemaach hu fir de Leit an Nout ze hëllefen, an dofir wëll ech hinnen hei e grouse Merci ausschwätzen.

De Service Technique vun der Gemeng ass och bereet, bei all déi Betreffen op d'Plaz ze kommen a se ze beroden iwwert méiglech Mesurë, fir sech kuerzfristeg besser géint Iwwerschwemmungen duerch Staarkreen ze schützen. Fir dës Hëllef an Usproch ze huelen, kann e Rendez-vous mam Service Technique iwwer Telefon oder Mail gemaach ginn.

Fir d'Situatioun laangfristeg ze verbessern, ass scho Kontakt mam Waasserwirtschaftsamt opgeholl ginn, an en agreéierte Büro wäert Léisungsvirschléi ausschaffen, déi da vun der

Gemeng, an Zesummenaarbecht mat der Gestion de l'Eau, ëmgesat ginn. Dofir biede mir iech Fotoen a Filmopnamen, déi d'Situatioun dokumentéieren, dem Service Technique vun der Gemeng zoukommen ze loossen. **Méi Informatiounen fannt dir hei ënnen op der Säit.**

Dat Positiivt bei deem ganze Misär war awer feststellen, dass et och nach Solidaritéit ënner de Matbierger gëtt. Esou ass direkt vun de Betreffen en Afterwork organiséiert ginn fir deenen ze hëllefen, déi am Uergste betraff waren. Eng Organisatioun déi e ganz grouse Succès erlieft huet.

Engagéiert Bierger hunn och d'a.s.b.l. „Reckeng hëllef“ gegrënnt. E Flyer mat Informatiounen gouf schonn un all Haushalt verdeelt. An nächster Zäit wäerte mir och Weideres gewuer ginn iwwer d'Aktiounen vun dëser A.s.b.l.

Encouragéiert duerch déi Well vu Solidaritéit, déi mir erlieft hunn, wënschen ech lech eng schéi Vakanz, an der Hoffnung dass mir an de nächste Jore vu weidere Wiederkatastrophe verschont bleiwen.


Carlo Muller
Buergermeeschter



Opruff un eis Bierger

Hudd dir Fotoen, Videoen an Dokumentatioun iwwert d'Onwieder vum 4. Juni an iwwert d'Schied, déi dës verursaacht hunn?

Wa jo, da biede mir lech eis dës zoukommen ze loossen: technique@reckange.lu

Mir bräuchen dës fir zesumme mam Waasserwirtschaftsamt Léisungen ze fannen, fir d'Waasser an Zukunft besser meeschter ze ginn.

Merci fir Är Hëllef!

Chères citoyennes, chers citoyens

Nul doute que le 4 juin 2021 évoquera de mauvais souvenirs à un grand nombre de Reckangeois. Après des semaines d'humidité et d'averses, une quantité de 65 litres d'eau de pluie par m² s'est abattue sur nous en un temps record.

Les meilleurs réseaux et les fossés les plus profonds n'auront pu maîtriser une telle quantité d'eau: un grand nombre de caves ont été submergées et dans certaines maisons, l'eau et la boue ont atteint le rez-de-chaussée.

Certains témoignages retiennent une véritable avalanche de boue, frayant son chemin à travers les champs de Roedgen vers Reckange.

Les habitants de la cité «Reispelt» étaient tout particulièrement touchés, mais aussi d'autres localités de la commune ont subi beaucoup de dégâts et de misère.

Les services communaux ont réagi spontanément et ont mis des conteneurs à disposition des victimes, leur permettant, dans un premier temps, d'évacuer leurs biens abîmés ou détériorés. Une société spécialisée a été mandatée pour le nettoyage des canaux d'eaux usées, afin d'anticiper des dégâts supplémentaires causés par des réseaux bouchés.

Entre-temps, la commune a installé des conteneurs permettant aux habitants concernés d'y stocker leurs meubles, en attendant que leur cave ait séché et qu'elles soient fonctionnelles.

Si l'un ou l'autre estimait que certaines interventions auraient dû être plus rapides, il faut avouer que nos services ne pouvaient pas intervenir partout au même moment. Je voudrais préciser que tous les acteurs, les pompiers et les différents services communaux ont donné le meilleur d'eux-même pour aider les résidents en détresse. C'est pourquoi je voudrais leur exprimer toute ma gratitude.

Le service technique de la commune est aussi disponible pour se rendre sur les lieux concernés afin de conseiller les habitants de la marche à suivre afin de mieux se protéger à court terme d'inondations liées à des pluies torrentielles. Si vous désirez bénéficier de cette aide, n'hésitez pas à fixer un rendez-vous avec notre service technique, par téléphone ou par e-mail.

Pour améliorer la situation à long terme, nous avons contacté l'Administration de la Gestion de l'eau et un bureau agréé se

chargera d'élaborer des solutions qui seront implémentées par la commune, en collaboration avec la gestion de l'eau. Pour cela, nous vous prions de nous faire parvenir toutes vos photos et vidéos documentant la situation. **Vous trouverez de plus amples informations ci-dessous.**

Le côté positif de toute cette misère, c'est l'élan de solidarité qui traverse notre population. De nombreux citoyens se sont associés afin d'organiser un «afterwork», dont les bénéfices ont été reversés aux plus concernés. Cet événement a été couronné de succès.

Des citoyens engagés ont créé l'a.s.b.l. «Reckeng hëlleft». Un flyer a déjà été distribué à tous les ménages. Cette association a d'ores et déjà prévu un grand nombre d'actions - nous en saurons bientôt davantage.

Encouragé par cette vague de solidarité, je vous souhaite à tous de belles vacances d'été, en espérant que dans les prochaines années, nous serons épargnés par de telles catastrophes météorologiques.



Carlo Muller
bourgmestre



Appel à nos citoyens

Êtes-vous en possession de photos ou de vidéos documentant les intempéries du 4 juin 2021 et les dégâts causés par celles-ci?

Si oui, nous vous prions de nous les faire parvenir:

technique@reckange.lu

Nous en avons besoin pour trouver des solutions pour une meilleure maîtrise des montées d'eau, en coopération avec l'Administration de la gestion des eaux.

Merci pour votre aide!

Annuaire

Collège des bourgmestre et échevins

Carlo MULLER	bourgmestre	621 29 91 90	camuller@pt.lu
Robert LECLERC	1 ^{er} échevin	621 18 03 21	robert.leclerc@reckange.lu
Christian TOLKSDORF	2 ^e échevin	691 30 06 76	christian.tolksdorf@reckange.lu

Conseil communal

Dominique DA COSTA	conseiller communal		dominique.dacosta@reckange.lu
Lucien FRANCK	conseiller communal		franckl@pt.lu
Sonja HEYARD-RIES	conseiller communal		sonja.heyard@reckange.lu
Marc LUDWIG	conseiller communal	621 41 91 26	marc.ludwig@reckange.lu
Esther SCHORTGEN	conseiller communal		esther.schortgen@reckange.lu
Nicole THORN	conseiller communal		nicole.thorn@reckange.lu

Services communaux


Réception/Population/ Facturation	James THOMES		37 00 24 - 51	james.thomes@reckange.lu
	Fabienne DEL DEGAN		37 00 24 - 9	fabienne.deldegan@reckange.lu
	Tim DRAUTH		37 00 24 - 1	tim.drauth@reckange.lu
	Nathalie HENSEN		37 00 24 - 23	nathalie.hensen@reckange.lu
Secrétariat communal	Savas KOROGLANOGLOU		37 00 24 - 20	savas.koroglanoglou@reckange.lu
Etat civil / Ressources humaines	Jenny MANNES		37 00 24 - 22	jenny.mannes@reckange.lu
Receveur communal	Véronique GOBERT		37 00 24 - 30	veronique.gobert@reckange.lu
Relations publiques	Julien PRIMOUT		37 00 24 - 26	julien.primout@reckange.lu
Service technique	Serge VERMEULEN		37 00 24 - 48	serge.vermeulen@reckange.lu
	Magali JACOB		37 00 24 - 40	magali.jacob@reckange.lu
	Myrna MAININI		37 00 24 - 34	myrna.mainini@reckange.lu
	Nicole KREIS		37 00 24 - 49	nicole.kreis@reckange.lu
Pacte Climat / Commodo Incommodo	Gilles SCHODER		37 00 24 - 54	gilles.schoder@reckange.lu
Atelier communal	Claude BOURKEL		26 37 09 45	claud.bourkel@reckange.lu
			37 13 45	atelier@reckange.lu
Service d'incendie	Chef de corps	Luc THINNES	55 44 05 - 1	thinnes.luc@cismr.lu
	Permanence (décès)		621 20 93 11	(samedi de 9.00 - 12.00)
	Permanence technique		621 37 00 24	(24h/24h)
	Garde Forestier	Luca SANNIPOLI	621 20 21 52	
	Curé	Paul MULLER	95 80 49	
	Office Social Commun	Christian WEIS	26 11 37 25	(8.00 - 10.00)
	Hexemeeschter		26 37 05 76	
	École fondamentale Kleesenberg		26 37 12 21	
	Maison Relais		26 37 12 70	
	Police Porte du Sud		244 57 1000	
	Police Esch-sur-Alzette		244 50 1000	
	Police		113	
	Pompiers/Ambulance		112	

► Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng op der Mess,

mir presentéieren iech an Zesummenaarbecht mat der Natur a Bëschverwaltung de Projet „Eis Beem hu Charakter!“. D'Arrondissement Süden vun der Naturverwaltung ass zesumme mat de Gemengen aus dem Süden op der Sich no bemierkenswäerte Beem aus der Region. Bekanntlech gesinn zwee puer Aen méi ewéi eent. Bei dësem Projet brauche mir souvill Aen wéi méiglech, an dofir brauche mir är Hëllef!

► Chers habitants de la commune de Reckange-sur-Mess,

en collaboration avec l'administration de la nature et des forêts, nous vous présentons le projet «nos arbres ont du caractère!». Avec les communes du sud, l'arrondissement sud de l'administration se lance à la recherche des arbres les plus remarquables de la région. Il est bien connu que deux paires d'yeux voient mieux qu'une seule. Pour ce projet, nous avons besoin de tous les yeux possible. Donc, nous avons besoin de votre aide!



Schéckt eis eng Foto mat Localisatioun
vum schéinste Bam bei lech an der Region!
*Envoyez-nous une photo avec localisation
du plus bel arbre dans votre région!*

EisBeem.AS@anf.etat.lu | EisBeem@reckange.lu
Tél.: +352 247 – 56783



Séance du conseil communal du 20 mai 2021

Présents: Carlo Muller (bourgmestre), Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

Par visioconférence: Robert Leclerc (échevin)

1. Informations du collège échevinal

- Le collège échevinal demande au conseil communal de bien vouloir rajouter un point d'urgence, concernant des affaires personnelles, à la séance en huis-clos en fin de réunion.
- Le collège échevinal a rencontré des représentants de la Croix-Rouge Luxembourgeoise et du Ministère de l'Éducation pour faire le point sur le fonctionnement de la Maison des Jeunes. Cette réunion a confirmé l'impact positif sur la jeunesse à Reckange. Le nombre d'inscriptions est en constante hausse et la moyenne d'âge des inscrits augmente également. Les jeunes et adolescents profitent toujours encore autant de la Maison des Jeunes. Durant toute la période Covid, il n'y a eu aucune urgence sanitaire. La Maison des Jeunes faisait partie, durant toute cette période, des seuls endroits où ils pouvaient entretenir leurs contacts sociaux.
- Le collège échevinal a rencontré le comité de prévention de la Police Porte du Sud, qui réunissait également les communes de Mondercange et de Schifflange. Le rapport de la police était très positif: les cambriolages et les accidents sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess sont en forte baisse. Cela est probablement lié à la pandémie. En revanche, nous déplorons un accident mortel sur les routes de la commune.
- Le collège échevinal a rencontré le comité du comice agricole d'Éhlinge. La commune s'engage contractuellement à offrir au comice un endroit pour stocker ses machines. Pour l'instant, le comice entrepose ses engins agricoles dans la «Mai-

son Hengesch», située à Éhlinge. En premier lieu, et en raison de la rénovation de cette maison, il était prévu de leur mettre à disposition de grands boxes de stockage dans le nouveau hall à Wickrange, qui est actuellement réaménagé. Mais comme la situation géographique de ce hall n'est pas idéal pour les agriculteurs et que les va-et-vient sont fréquents, il leur a été proposé de stocker les machines dans une grange, que la commune de Reckange-sur-Mess loue auprès d'un agriculteur d'Éhlinge et que nous leur sous-louons à notre tour.

- Le collège échevinal a rencontré le garde-forestier, Monsieur Luca Sannipoli, concernant une bande de terrains située derrière certaines maisons de la rue du Centre à Éhlinge. Il s'y trouve un chemin en zone verte, partiellement reclassé en biotope. Ce chemin est maintenant longé par trois nouvelles maisons, dont les propriétaires désirent sous-louer auprès de la commune la partie du chemin se situant derrière leur maison. Effectivement, non-loin de là, la commune loue déjà une partie de ce chemin à des résidents, qui peuvent en jouir à des fins privées. Mais comme la partie du chemin longeant ces trois nouvelles maisons, est classé en tant que biotope, il leur sera interdit d'y toucher aux plantes, troncs, branches et haies, servant de ressources à la faune. Il faudra donc non seulement clarifier cette situation avec les nouveaux propriétaires, mais aussi la régulariser avec une certaine partie des propriétaires dans cette rue, par le biais d'un contrat de bail.
- Le collège échevinal propose de mettre les 500 tests antigéniques rapides, offerts par le gouvernement, à disposition des restaurateurs sur le territoire de la commune. La seule condition y liée est de les mettre gratuitement à disposition des clients. (voir p. 23)
- Les deux prochaines séances publiques du conseil communal auront lieu le 1^{er} juillet et le 22 juillet 2021. Ce seront les deux dernières séances se déroulant dans la salle «Quäärten» au Centre de Rencontre «Um Buer» à Éhlinge. Dès la rentrée, les réunions auront de nouveau lieu dans la salle des séances au rez-de-chaussée de la maison communale.
- Le conseil communal est convié à la Coupe Scolaire 2021, organisée par l'APERM, le 12 juin 2021.
- Vendredi, le 6 août 2021 aura lieu une cérémonie



Dohigekuckt
Coup d'œil

12.05.2021: D'Schof vun der Schäferei Weber waren nees ënnerwee. / Les moutons de la bergerie Weber étaient en vadrouille.

commémorative des attaques nucléaires d'Hiroshima, où la commune se prononcera pour le désarmement nucléaire à l'échelle mondiale. Cet événement est organisé par l'organisation internationale «Mayors for Peace», à laquelle la commune de Reckange-sur-Mess adhère, en collaboration avec le SYVICOL. Parmi les 60 communes luxembourgeoises membres de Mayors for Peace, Reckange-sur-Mess a été désigné pour les festivités de cette année-ci.

- La Fête populaire de la Veille de la Fête Nationale, le 22 juin 2021, est en train de prendre forme. De plus amples détails seront communiqués dans les meilleurs délais. Evidemment, nous nous adapterons aux mesures sanitaires en vigueur.
- Le week-end du 23 mai 2021 commencera une série de quatre concerts en terrasses intitulée «Gigs@Terrassen» et organisée par le KultuReck de Reckange-sur-Mess.
- Réponse de la part du collège échevinal à la question soulevée par Madame la Conseillère Sonja Heyard quant à la destinée des «maisons vides» sur le territoire de la commune: La loi ne nous permet pas de forcer un propriétaire à louer ou à vendre son bien. La commune n'a donc aucune influence sur ce problème.
- Réponse de la part du collège échevinal à la question soulevée par Madame la Conseillère Esther Schortgen quant à l'interdiction de feux d'artifice pour Nouvel An: Nous y reviendrons lors du dernier point de l'ordre du jour.

2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. Approbation de l'état des recettes

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2020, tel que présenté par le collège échevinal.

4. Approbation de titres de recettes se rapportant à l'exercice 2020

Le conseil communal approuve à l'unanimité les titres de recettes pour un montant total de 356.401,72 €.

5. Approbation de deux devis extraordinaires

Le conseil communal approuve à l'unanimité deux devis extraordinaires, l'un relatif à des travaux de rénovation d'un appartement à Limpach à hauteur de 30.000 €, l'autre relatif à des travaux de rénovation de la façade du centre culturel Pétzenhaus à Reckange-sur-Mess ainsi que la pose d'un socle en pierres naturelles, devis s'élevant à 55.000 €.

6. Décision sur une augmentation de crédit à inscrire au budget ordinaire de l'exercice 2021

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'aug-

mentation de 10.000 € d'un crédit inscrit au budget 2021, afin de pouvoir faire recours à un bureau d'études pour assister le service technique communal dans le traitement de dossiers de contrôle des demandes d'autorisation de construire et d'urbanisme, considérant l'absence prolongée d'un employé communal.

7. Approbation de trois devis relatifs à la mise en état de la voirie rurale

Le conseil communal approuve à l'unanimité trois devis relatifs à la mise en état de la voirie rurale. Le premier porte sur des travaux de reprofilage et de goudronnage du chemin rural «Bréckwiss» à Wickrange, à hauteur de 44.500 €. Le second porte sur la réalisation de travaux de réparation de têtes de buses et de nettoyage des fossés du chemin rural «Göldeweier» à Éhlinge, à hauteur de 14.500 €. Enfin, le troisième devis prévoit le nettoyage des fossés du chemin rural «An der Gondsbaach» à Reckange-sur-Mess. Ce devis s'élève à un total de 8.000 €.

8. Approbation d'un compromis de vente

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition d'un pré situé à Reckange-sur-Mess, «Zwischen dem Wasser», d'une contenance totale de 36 ares 70 centiares, ainsi que le compromis de vente du terrain y relatif, s'élevant à 25.690 €.

9. Approbation d'un contrat de bail commercial

Le conseil communal approuve à 8 voix et une abstention le contrat de bail concernant la mise à disposition de la salle «Weierwiss», située dans le Centre de Rencontre «Um Buer» à Éhlinge, à un exploitant,



12.06.2021: Coupe Scolaire 2021

afin que ce celui-ci y exploite un commerce de détail de proximité de denrées alimentaires, style épicerie de quartier.

10. Décision portant sur la suspension temporaire de l'obligation de paiement du loyer

Le conseil communal approuve à 8 voix et une abstention de ne pas réclamer de loyer pendant les mois de février, mars, avril, mai et juin 2021 à la société exploitant le café «Simon's Bistro» au 1^{er} étage du Centre de Rencontre «Um Buer» à Éhlinge, considérant la perte de revenus considérable engendrée par la seconde fermeture totale de leurs locaux pour une période de six mois, dans le cadre de la crise sanitaire du coronavirus.

11. Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature

Le conseil communal approuve à l'unanimité la ratification d'une convention concernant l'enlèvement d'arbres résineux, la plantation et l'entretien d'arbres fruitiers et divers autres petits travaux à Limpach, «Auf der grossen Acht», entre la commune de Reckange-sur-Mess et le propriétaire des lieux. la commune doit être en possession de l'autorisation du propriétaire concerné. Ce projet est réalisé sur base du programme annuel soumis au conseil communal par le syndicat SICONA.

12. Office social commun - Approbation de la convention pour l'exercice 2021

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg, les communes de Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess et

l'office social, convention réglant l'organisation et le financement des activités de l'office social commun à Mamer.

13. Approbation d'un morcellement

Le conseil communal approuve à l'unanimité un morcellement de parcelles situées à Wickrange, permettant la construction de deux résidences et de procéder à la rénaturation du ruisseau «Rumbaach».

14. Fixation des taux d'imposition de l'exercice 2022

a) Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation des taux multiplicateurs en matière d'impôt foncier comme suit:

impôt foncier A	300 % pour les exploitations agricoles
impôt foncier B1	400 % pour les constructions industrielles et commerciales
impôt foncier B2	300 % pour les constructions à usage mixte
impôt foncier B3	200 % pour les constructions à autre usage
impôt foncier B4	200 % pour les maisons unifamiliales
impôt foncier B5	300 % pour les immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation
impôt foncier B6	350 % pour les terrains à bâtir à des fins d'habitation

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité l'application du taux multiplicateur à 250% pour l'année d'imposition 2022 en matière d'impôt commercial sur les bénéfiques d'exploitation.

15. Approbation de l'organisation scolaire provisoire 2021/2022

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire 2021/2022, telle que proposée par le comité d'école en avril 2021. Ces documents ont été avisés favorablement par la commission scolaire. Les élèves inscrits à l'école pour l'année scolaire 2021/2022 sont répartis comme suit:

- Cycle 1 précoce: 24 élèves
- Cycle 1 préscolaire: 54 élèves
- Cycle 2 primaire: 54 élèves
- Cycle 3 primaire: 54 élèves
- Cycle 4 primaire: 51 élèves

Enseignants totaux : 19

16. Approbation du plan d'encadrement périscolaire 2021/2022

Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan d'encadrement périscolaire 2021/2022, tel que proposé par le comité d'école en avril 2021. Ces documents ont été avisés favorablement par la commission scolaire.



17. Approbation du plan de développement de l'établissement scolaire (PDS) pour la période 2021-2024

Le conseil communal approuve à l'unanimité le nouveau plan de développement scolaire pour la période 2021-2024. L'école de Reckange-sur-Mess a élaboré ce plan, avisé favorablement par la commission scolaire, qui définit certaines démarches dans les domaines essentiels pour la réussite des élèves. Six domaines y sont prévus :

- L'organisation de l'appui pédagogique.
- L'encadrement des enfants à besoins spécifiques ou particuliers.
- La collaboration avec les parents d'élèves.
- L'intégration des technologies de l'information et de la communication.
- L'amélioration de la qualité des apprentissages et de l'enseignement.
- La collaboration entre l'école et la maison relais.

Intervention de Monsieur l'Échevin scolaire Christian Tolksdorf par rapport aux points 15, 16 et 17:

Avant d'avoir procédé au vote concernant les trois points ci-dessus, Monsieur l'Échevin Christian Tolksdorf a apporté un certain nombre de précisions quant à l'organisation scolaire, le plan d'encadrement scolaire et le plan de développement scolaire (PDS).

Le sujet des «Fräizäitaktivitéiten» (activités de loisirs) a été détaillé: À partir de la rentrée 2021/2022, les cours d'option proposés aux élèves durant les après-midis, faisant partie intégrante du PDS, seront remplacés par ces «Fräizäitaktivitéiten».

De quoi s'agit-il?

La commune de Reckange-sur-Mess s'est associée à la Croix-Rouge Luxembourgeoise pour proposer ce nouveau concept:

- Des activités gratuites jusqu'à deux fois par semaine, pour chaque enfant du Cycle 1.1. au 4.2.
- Des ateliers diversifiés, adaptés à l'âge et aux besoins de chaque enfant: sport, graffiti, art, théâtre etc.
- L'accent est mis sur l'éducation non-formelle: le volontariat et la découverte ludique.
- Les enfants peuvent, au fur et à mesure, créer leur propre programme.
- Elles se déroulent du 8 novembre au 2021 au 3 juin 2022, les lundis, mercredis et vendredis de 14.30 à 16.00 heures.
- Des activités qui se tiennent sur six semaines consécutives.
- Une conception intéressante des après-midi et une aide organisationnelle pour les parents.
- Un encadrement professionnel par des passionnés, à tout moment et à toute épreuve, que ce soit à l'intérieur ou à l'extérieur.

- Une ouverture d'esprit et une flexibilité de la part de tous les responsables.
- Un divertissement maximal en coopération avec des partenaires externes et des institutions.

De l'ébauche à l'organisation jusqu'à la mise en œuvre de ce nouveau projet, un grand nombre d'acteurs se sont réunis pour mener à bien ce projet. Monsieur l'Échevin Christian Tolksdorf désire réitérer ses remerciements à Monsieur Yves Fiorelli de TELOS Education pour sa disposition et sa flexibilité durant les premiers pas, à Madame Laurence Wester et à Madame Noémie Kayser pour leur engagement personnel, à Monsieur Cliff Hever, chargé de direction de la Croix-Rouge et à son équipe pour les bons conseils dans le cadre de ce projet. Un grand merci également au MENJE et à toute l'équipe du Chèque Service. Enfin, il voudrait remercier le conseil communal pour la confiance qui lui a été allouée, le service technique de la commune pour son soutien ainsi que Julien Primout pour la création du visuel de ces activités.



18. Cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess - approbation d'un contrat de concession temporaire

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat de concession temporaire des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

19. Fixation des effectifs du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux

Le conseil communal approuve à l'unanimité la fixation du nombre des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux.

20. Divers (Questions au collège échevinal)

En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment la gestion des déchets encombrants au SIVEC, la plantation de prés sauvages sur le territoire de la commune et le planning du contournement. De plus, l'interdiction des feux d'artifices pour nouvel an a été abordée: dans un tour de table, une majorité des conseillers a retenu que les feux d'artifices ne devraient pas être interdits. Cependant, il faut continuer à sensibiliser les habitants et à établir un cadre de sécurité avec des conseils pour garantir le bien-être des humains et des animaux de compagnie.

Séance à huis clos

Ce point porte sur des affaires concernant le personnel et est donc traité à huis clos.

Sëtzung vum Gemengerot vum 20. Mee 2021

Uwiesend: Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Iwwer Videokonferenz: Robert Leclerc (Schäffen)

1. Informatiounen vum Schäfferot

- De Schäfferot freet de Gemengerot fir e Point d'Urgence iwwert Personalfroen an der Huis-Clos-Seance um Enn vun der Reunioun bäizeetzen.
- De Schäfferot huet sech mat Verrieder vum Lëtzebuenger Roude Kräiz a vum Bildungsministere versammelt fir iwwert d'Funktionnement vum Reckenger Jugendhaus ze diskutéieren. Dës Reunioun huet de positiven Impakt op d'Reckenger Jugend nach eng Kéier ënnerstrach. D'Unzuel un Aschreiwungen steigt konstant an den Altersdurchschnitt vun den Jugendlechen och. Déi Jonk a Jugendlech profitéieren nach eemol ewéi d'anermol esou vill vum Jugendhaus, well och a Pandemieszäite dëst mat déi eenzeg Plaz war, wou een an engem sécheren Ennvironnement seng sozial Kontakter fleege konnt. Während dëser ganzer Period ass et och zu kengem sanitären Noutfall komm.
- De Schäfferot huet sech, zesumme mat de Gemenge Schëffleng a Monnerech, mam Comité de prévention de la Police Porte du Sud versammelt. De Rapport vun der Police war duerchhaus positiv: Abréck a Verkéiersdelikter hunn an de leschte Méint staark ofgeholl, wat warscheinlech och vill

mat der Pandemie an der Ausgangsspar ze dinn huet. A Saache Verkéier bedauert d'Gemeng leider een Doudesfall op eise Stroossen.

- De Schäfferot huet sech mam Comité Agricole vun Éileng getraff. D'Gemeng ass vertraglech gebonnen, dem Comice eng Plaz zur Verfügung ze stelle fir hir Landwirtschaftsmaschinen ënnerzebréngen. Momentan huet de Comice seng Maschinen am Hengeschtshaus zu Éileng stoen. Well dëst Haus awer elo renovéiert gëtt, wollt d'Gemeng dem Comice Stockageboxen an der neier Hal zu Wickreng zur Verfügung stellen, déi aktuell amenagéiert gëtt. Well dës Maschinen oft eraus- an eragefuer ginn a well Wickreng geografesch gesinn net ideal läit, schléit d'Gemeng vir, bei engem Éilenger Landwirt eng Scheier ze lounen, déi dem Comice weiderverlount gëtt an an där d'Maschinen an Zukunft ënnerbruecht kënnen ginn.
- De Schäfferot huet sech mam Här Fierschter Luca Sannipoli getraff, fir iwwert en Terrain ze schwätzen, dee sech hannert enger Rei vun Haiser an der Rue du Centre zu Éileng erstreckt. Op dësem Terrain befënnt sech e Wee, deen an enger Gréngzone läit an deelweis als Biotop klasséiert ass. Lanscht dës Wee stinn elo dräi nei Residenzen an d'Proprietäre vun dësen Haiser géingen dat Stéck vum Wee gäre bei der Gemeng pachten. Effektiv verlount d'Gemeng onwäit vun dësen nei Haiser en Deel vum Wee u Residenten, déi dës scho privat notzen. Well awer deen Deel vum Wee, dee sech hannert den nei Haiser befënnt, e Biotop ass, dierften déi betraffe Proprietären net un d'Planze, Bamstämm, Äscht an Hecke goen, well dës och wichteg Ressource fir d'Fauna sinn. D'Gemeng muss also esouwuel dës Situatioun mat den nei Residente klären, wéi och d'Situatioun mat deenen anere Proprietäre per Kontrakt regulariséieren.
- De Schäfferot schléit vir, déi 500 gratis Covid-Schnelltester, déi d'Regierung der Gemeng zur Verfügung gestallt huet, de Restaurateuren um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess zur Verfügung ze stellen, mat der Bedéngung dass si dës Tester hire Clientë gratis zur Verfügung stellen. (Cf. Säit 23)
- Déi nächst zwou ëffentlech Sëtzunge vum Gemengerot fannen den 1. an 22. Juli 2021 statt. Dëst wäerten déi lescht Reuniounen sinn, déi am

Neien Service ab dem 18. Mee

Bleif net eleng, chat mat eis!



Chatberodung

Ronderëm dech ass grad ze vill lass fir ongestéiert ze telefonéieren?
 Oder du drécks dech souwisou am Lëifsten iwwer d'Schreiwelen aus?
 Dat wat dech beschäftegt, wëlls du am Beschten direkt lassginn an dat soll och
 schnell „gehéiert“ a „besprach“ ginn?

Da bass du bei der Chatberodung genau richtig!

Jonk Beroder am Alter bis 25 Joer beroden op der Basis vun hiren Erfarungen.
 Si sinn ab elo, ëmmer Dënschdes vun 18-21h
 am Live-Chat fir dech do an ënnerstëtzen dech an de verschiddensten Themen
 anonym a vertraulich



Du fënns
 d'Chatberodung ënner
www.kjt.lu

Sall „Quäärten" am Centre de Rencontre „Um Buer" zu Éileng stattfannen. Ab der Rentrée fannen d'Gemengeréit nees am Sätzungssall am Gemengenhaus statt.

- De Gemengerot ass op d'Coupe Scolaire agelueden. Dës fënnt den 12. Juni 2021 statt a gëtt vun der APERM organiséiert.
- Freides, de 6. August 2021 fënnt eng Gedenkzeremonie fir d'Nuklearugréff zu Hiroshima statt, wou sech d'Gemeng fir déi weltwäit nuklear Ofrüstung asetzt. Dëst Evenement gëtt vu „Mayors for Peace" organiséiert, eng international Organisation, an där d'Gemeng Reckeng op der Mess och Member ass, an Zesummenaarbecht mam SYVICOL. Vun deene 60 Lëtzebuurger Gemengen, déi Member bei Mayors for Peace sinn, gouf Reckeng op der Mess ausgesicht fir d'Feierlechkeete vun dësem Joer.
- D'Fête Populaire um Virowend vun Nationalfeierdag, den 22 Juni 2021, gëtt momentan organiséiert. Weider Detailer gi schnellstméiglech kommunizéiert. Dës Manifestatioun fënnt natierlech ënnert dem strikte Respekt vun de sanitäre Moosname statt, déi zu deem Moment gëllen.
- Sonndes, den 23 Mee 2021 fält de Startschuss fir d'Concertsrei „Gigs@Terrassen", déi vum Kultur-Reck Reckeng op der Mess organiséiert gëtt.
- Äntwert vum Schäfferot op d'Fro vun der Madamm Conseillère Sonja Heyard zum Thema eidelstoend Haiser um Territoire vun der Gemeng: d'Gesetz erlaabt et der Gemeng net, de Besëtzer vun engem Haus ze forcéieren, seng eidel Immobilie ze verlounen oder verkafen. D'Gemeng huet also keng Handhab iwwert dës Problem.
- Äntwert vum Schäfferot op d'Fro vun der Madamm Conseillère Esther Schortgen zum Thema Freidefeierverbuet fir Neiooschdag: Mir kommen op dës Fro zeréck beim leschte Punkt vum Ordre du Jour.

2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssätzung

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssätzung.

3. Geneemegung vum Etat vun de Recetten

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Etat vun de Recetten, dee bei der Clôture vum Joer 2020 nach anzeziën ass, sou wéi e vum Schäfferot virgestallt gouf.

4. Geneemegung vun den Titres de Recettes vum Joer 2020

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Titres de Recette an engem Gesamtwäert vun 356.401,72 €.

5. Geneemegung vun zwee extraordinären Devisen

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg zwee extraordinär Devisen, deen ee fir d'Renovatioun vun engem Appartement zu Lampech am Gesamtwäert vun

30.000 €, deen anere fir d'Renovatioun vun der Fassad vum Pëtzenhaus souwéi d'Pose vun engem Sockel aus Steen, am Gesamtwäert vu 55.000 €.

6. Entschcheidung iwwert eng Erhéijung vun engem Kredit aus dem Budget vum Joer 2021

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg eng Erhéijung vun 10.000 € vun engem Kredit aus dem Budget vum Joer 2021. Dës Erhéijung erméiglecht der Gemeng, e Bureau d'Etude zur Hëllef ze huelen, deen de Service Technique beim Traitement vu Baugeneemengungs- an Urbanismuskontrollen ënnerstëtzt, am Kader vun enger verlängerter Ofwiesenheet vun engem Gemengenemployé.

7. Geneemegung vun dräi Devisen am Kader vun der Astandsetzung vu ländleche Stroossen

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dräi Devisen am Kader vun der Astandsetzung vu ländleche Stroossen. Den éischten Devis betrëfft d'Neiprofiléierung an d'Goudronnéiere vum ländleche Wee „Bréckwiss" zu Wickreng, am Gesamtwäert vu 44.500 €. Den zweeten Devis betrëfft Reparatiousaarbechte vun Düsekäpp a Botzaarbechte vum Gruef laanscht de ländleche Wee „Göldeweier" zu Éileng, am Gesamtwäert vu 14.500 €. Den drëtten Devis betrëfft Botzaarbechte vum Gruef laanscht de ländleche Wee „An der Gondsbaach" zu Reckeng op der Mess, am Gesamtwäert vun 8.000 €.



26.05.2021: Opération de mécénat collectif du Conseil National des Femmes du Luxembourg. En tant que mécène, la commune de Reckange-sur-Mess s'est vu remettre, de la part de Madame Monique Stein, cette statuette de Félicie Schlessier représentant la participation des femmes aux premières élections au suffrage universel direct en 1919.

8. Geneemegung vun engem Compromis de Vente

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Uschafung vun enger Wiss zu Reckeng op der Mess „Zwischen dem Wasser“, vun enger Gesamtfläch vu 36 Ar a 70 Centiar an de Compromis de Vente vum betroffenen Terrain, am Wäert vu 25.690 €.

9. Geneemegung vun engem geschäftleche Mietvertrag

De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmme an enger Enthaltung, dass de Sall „Weierwiss“ am Centre de Rencontre „Um Buer“ zu Éileng engem Bedreiwier zur Verfügung gestallt gëtt, fir eng Duerf-Epicerie mat lesswueren dran z'exploitéieren, souwéi de geschäftleche Mietvertrag tëschent dem Bedreiwier an der Gemeng Reckeng op der Mess.

10. Entscheidung iwwert eng zäitbegrenzte Suspensioun vun der Ausbezielung vun engem Loyer

De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmme an enger Enthaltung, dass vun der Firma, déi de Café Simon's Bistro am Centre de Rencontre „Um Buer“ zu Éileng bedreift, fir d'Méint Abrëll, Mee a Juni 2021 kee Loyer verlaangt gëtt. Mat dëser Entscheidung wëll de Schaffen- a Gemengerot den Exploitanten ënnert d'Äerm gräifen, déi no enger vollstänneger Fermeture vun hirem Café am Kader vun der sanitärer Kris vum Coronavirus vill Geld verluer hunn.

11. Geneemegung vun enger Naturschutzkonventioun

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun vun enger Konventioun fir d'Ofdroe vun Haarzbeem, d'Uplanzung an den Ënnerhalt vun Uebstbeem a verschidde kleng Aarbechten zu Lampech „Auf der grossen Acht“, tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an dem Propriétaire vun dësem Terrain. D'Gemeng muss am Besëtz vun der Autorisatioun vum betroffene Propriétaire sinn. Dëse Projet gëtt op Basis vum Joresprogramm vum Naturschutzsyndikat SICONA, deem dem Schäfferot am Virfeld virgestallt gouf, realiséiert.

12. Office social commun - Geneemegung vun der Konventioun fir d'Joer 2021

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun tëschent dem Lëtzebuerger Staat, de Gemenge Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Reckeng op der Mess an dem Office Social. Dës Konventioun reegelt d'Organisatioun an d'Financement vun den Aktivitéite vum Office Social zu Mamer.

13. Geneemegung vun engem Morcellement

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Morcellement vu Parzellen zu Wickreng, déi de Bau vun zwou Residenzen an d'Renaturéierung vun der „Rumbaach“ erméiglechen.

14. Fixatioun vun de Steiersätz vum Haushaltsjoer 2022

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun de Multiplikatiounssätz a Bezuch zu de Steiersätz folgendermoossen:

impôt foncier A	300 % pour les exploitations agricoles
impôt foncier B1	400 % pour les constructions industrielles et commerciales
impôt foncier B2	300 % pour les constructions à usage mixte
impôt foncier B3	200 % pour les constructions à autre usage
impôt foncier B4	200 % pour les maisons unifamiliales
impôt foncier B5	300 % pour les immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation
impôt foncier B6	350 % pour les terrains à bâtir à des fins d'habitation

b) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Applikatioun vun engem Multiplikatiounssätz vun 250% fir d'Steierjoer 2022 a Bezuch zur Gewerbesteier op den Betriebsertreeg.

15. Geneemegung vun der provisoerescher Schoulorganisatioun 2021/2022

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Schoulorganisatioun 2021/2022, sou wéi se am Abrëll 2021 vum Schoulcomité virgeschloe gouf. Dës Dokumenter goufen och vun der Schoulkommissioun favorabel aviséiert. D'Schüler, déi fir d'Schouljoer 2021/2022 ageschriwwe sinn, gi folgendermoossen opgedeelt:

- Cycle 1 précoce: 24 Schüler
- Cycle 1 préscolaire: 54 Schüler
- Cycle 2 primaire: 54 Schüler
- Cycle 3 primaire: 54 Schüler
- Cycle 4 primaire: 51 Schüler

Enseignanten insgesamt : 19

16. Geneemegung vum Plan d'Encadrement Périscolaire 2021/2022

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Plan d'Encadrement Périscolaire 2021/2022, sou wéi en am Abrëll 2021 vum Schoulcomité virgeschloe gouf. Dëst Dokument goufen och vun der Schoulkommissioun favorabel aviséiert.

17. Geneemegung vum Plan de Développement de l'Établissement Scolaire (PDS) fir den Zäitraum 2021-2024

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den neie Plan de Développement de l'établissement Scolaire

re (PDS) fir den Zäitraum 2021-2024. D'Reckenger Schoul huet dës Plang, dee vun der Schoullkommissioun als favorabel aviséiert gouf, ausgeschafft. Dës Plang hält d'Demarchen a sechs verschiddenen Domainer fest, déi eng wesentlech Roll spillen an der Réussite vun de Schüler:

- D'Organisatioun vum Appui pédagogique.
- D'Betreiung vu Kanner mat spezifesche Bedierfisser.
- D'Kollaboratioun mat den Eltere vun de Schüler.
- D'Integratioun vun den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien.
- D'Verbesserung vun der Qualitéit vun de Léierprozesser.
- D'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Maison Relais.

Interventoun vum Här Schäffe Christian Tolksdorf am Kader vun de Punkte 15, 16 a 17:

Eier et zu der Ofstëmmung vun den dräi vireschte Punkte komm ass, huet den Här Schäffe Christian Tolksdorf nach eng Rei u Präzisiounen zu der Schoulorganisatioun, dem Plan d'Encadrement Scolaire an dem Plan de Développement Scolaire (PDS) ginn.

D'Thema „Fräizäitaktivitéiten“ gouf detailléiert behandelt: Ab der Schoulentrée 2021/2022 ginn d'Optionscoursen, déi de Reckenger Schüler Nomëttes proposéiert goufen, duerch d'Fräizäitaktivitéiten ersat.

Wat ass dat genau?

D'Gemeng Reckeng op der Mess huet sech mat dem Lëtzebuerger Roude Kräiz associéiert fir folgend neit Konzept virzeschloen:

- Gratis Aktivitéite bis zu zweemol an der Woch, fir all Reckenger Schüler vum Cycle 1.1. bis 4.2.
- Divers Atelieren, déi un den Alter an un d'Besoinen vun all Kand adaptéiert sinn: Sport, Graffiti, Konscht, Theater a villes méi.
- Den Accent läit op der non-formeller Educatioun: Fräiwellegkeet a spillerescht Entdecken.
- D'Kanner kënnen am Laf vun de Wochen hiren eegene Programm zesummesetzen.
- Se dauere vum 8. November 2021 bis den 3. Juni 2022, méindes, mëttwoches a freides vu 14.30 bis 16.00 Auer.
- Aktivitéiten, déi 6 Wochen um Stéck stattfannen.
- Eng interessant Gestaltung vun den Nomëtteger an Organisatiounshëllef fir d'Elteren.
- E professionnelle Encadrement vu passionnéierten a routinéierte Leit, ob dobannen oder dobaussen.

- Eng open Attitüd an eng grouss Flexibilitéit vun all de Verantwortlechen.
- Maximaalt Divertissement an Zesummenaarbecht mat externe Partner an Institutiounen.

Vun de Kannerschong bis zur Ausféierung vun dësem neie Projet sinn eng ganz Rei Acteuren d'Gemeng ënnerstëtze komm. Aus deem Gronn wëll den Här Schäffe Christian Tolksdorf seng Dankbarkeet u folgend Leit ausdrécken: Dem Här Yves Fiorelli vun TELOS Education fir seng Disponibilitéit a Flexibilitéit bei deenen éischte Schrëtt,

der Madamm Laurence Wester an der Madamm Noémie Kayser vun der Maison Relais fir hiert perséinlecht Engagement an dem Här Cliff Hever, Chargé de Direction vum Roude Kräiz a senger Equipe fir hir gutt Réit am Kader vun dësem Projet. E grouse Merci och un de MENJE an déi ganz Equipe vum Chèque Service. Zu gudder Lescht och e grouse Merci dem Gemengerot fir d'Vertrauen, dat him geschenkt gouf, dem Service Technique vun der Gemeng fir all seng gutt Conseilen an dem Julien Primout fir d'Entwécklung vun engem visueller Identitéit.



18. Geneemegung vun engem temporäre Konzessiounsverträ

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den temporäre Konzessiounsvertrag vun de Kierfechter vun der Gemeng Reckeng op der Mess.

19. Fixatioun vun den Effectifs du cadre fermé an de verschiddene Carrière vun de Gemengebeamten

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vun der Unzuel un Astellungen an den Effectifs du cadre fermé an de verschiddene Carrière vun de Gemengebeamten.

20. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem zu der Gestiou vum Sperrmüll um SIVEC an d'Planzung vu wëlle Blummewisen um Territoire vun der Gemeng. Zousätzlech gouf d'Thema Feierwierksverbuet ugeschwat: Aus engem Tour de Table geet ervir, dass eng Majoritéit vu Conseillere sech géint e Verbuet ausschwätzt. Allerdéngs misst ee weiderhinn d'Awunner sensibiliséieren an e Sécherheetskader ausschaffe fir d'Wuelbefanne vun Mënsch an Déier ze garantéieren.

Huis Clos Séance

Dës Punkt betrëfft Personalaffären an ass dofir an enger Huis Clos Seance diskutéiert ginn.

Séance du conseil communal du 1^{er} juillet 2021

Présents: Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

1. Informations du collège échevinal

- Le 10 Juin 2021, le collège échevinal a participé à une visioconférence avec le Ministère du Logement. Le sujet principal portait sur le nouveau pacte logement et comment y intégrer nos deux nouvelles résidences faisant partie du PAP «Op de Quäärtten». Pour en développer toutes les facettes, Il faudra envisager une réunion de travail du conseil communal pour en discuter plus amplement.
- Le collège échevinal s'est réuni avec les dirigeants de la piscine PIMODI à Mondercange, pour discuter des plages horaires des cours de natation du samedi matin réservées aux élèves reckangeois. Estimant que nos élèves n'avaient plus cours le samedi matin, les dirigeants de la piscine ont libéré les plages horaires en question pour y proposer des cours de bébé nageurs. Ces cours ont rencontré un fort intérêt et de nombreuses inscriptions mais, déterminés à trouver une solution pour les élèves reckangeois, les dirigeants ont proposé d'adapter nos cours de natation en les raccourcissant de dix minutes. Cela permettra aux cours scolaires et aux cours de bébé nageurs de ne pas se chevaucher.
- Le 24 juin 2021, le remembrement du lotissement «Op de Quäärtten» a été finalisé et signé. Les différents partis étaient présent pour signer ce document et chacune aura donc droit à ses parcelles respectives. Nous avons eu une soulte d'un montant total d'environ 900.000 € de la part de deux partis. L'acte notarié en question sera approuvé durant la prochaine séance publique du conseil communal.
- Monsieur le Bourgmestre Carlo Muller félicite l'atelier et le personnel communal pour leur réactivité, flexibilité et disponibilité en venant en aide aux victimes des inondations dans le cadre des intempéries du 4 juin 2021.
- La prochaine séance publique du conseil communal aura lieu jeudi, le 22 juillet 2021.
- Vendredi, le 6 août 2021 aura lieu une cérémonie commémorative des attaques nucléaires d'Hiroshima, où la commune se prononcera pour le désarmement nucléaire à l'échelle mondiale. Cet événement est organisé par l'organisation internationale «Mayors for Peace», à laquelle la commune de Reckange-sur-Mess adhère, en collaboration avec le SYVICOL. Parmi les 60 communes luxembourgeoises membres de Mayors for Peace, Reckange-sur-Mess a été désigné pour les festivi-

tés de cette année-ci. (Veuillez trouver plus d'informations en page 39)

- L'équipe Fairtrade de Reckange-sur-Mess a organisé le «Rallye du Capitaine Fairtrade», une chasse au trésor qui durera jusqu'au 18 juillet 2021. Elle incitera petits et grands à se balader dans la commune tout en répondant à des questions ludiques concernant le commerce équitable. Les formulaires sont disponibles en ligne et à la réception de la commune et ont été distribués à l'école et à la Maison des Jeunes.

2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. Approbation de devis extraordinaires

Le conseil communal approuve à l'unanimité les quatre devis extraordinaires suivants:

- a) Réaménagement et redressement des deux entrées en localité de Roedgen et plus particulièrement l'aménagement de deux îlots centraux sur le CR178. Le devis s'élève à un montant total de 180.000 €, imputable au budget extraordinaire des exercices 2021 et 2022.
- b) Remplacement des feux rouges dans la route de Luxembourg à Roedgen. Le devis s'élève à un montant total de 35.000 €.
- c) Pose d'une nouvelle conduite d'eau potable entre Reckange-sur-Mess et Éhlinge et plus spécialement sur le tronçon emprunté par les cyclistes et piétons, reliant les deux localités. Le devis s'élève à un montant total de 675.000 €, imputable au budget extraordinaire des exercices 2021 et 2022.
- d) Réaménagement de l'arrêt de bus «Wäschbuer» à Pissange, sa mise en conformité et la sécurisation du passage à piétons et l'aménagement des accès y relatifs. Le devis s'élève à un montant total de 250.000 € imputable au budget extraordinaire des exercices 2021 et 2022.

4. Décision quant à la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «Auf der Wieschen»

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier «Auf der Wieschen» à Limpach, pour le compte de la Commune de Reckange-sur-Mess. Le projet a suivi la procédure prévue à cet effet, concernant l'aménagement communal et le développement ur-

bain à savoir le dépôt des plans pendant 30 jours à la commune ainsi que l'affichage dans quatre quotidiens publiés et imprimés au Grand-Duché de Luxembourg. Considérant que, endéans le délai imparti, aucune objection n'a été présentée au collège échevinal et vu la décision de Madame la Ministre de l'Intérieur, ce projet peut donc être soumis à l'approbation du conseil communal.

5. Décision sur l'exercice d'un droit de préemption sur des parcelles à Roedgen

Le conseil communal approuve à l'unanimité la renonciation au droit de préemption de parcelles situées à Roedgen, «Rue du Kiem» et «Auf dem Kiem». Ces terrains ont fait l'objet d'une requête de vente de la part d'un notaire.

6. Approbation d'un acte notarié

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acte notarié relatif à l'acquisition d'une parcelle à Reckange-sur-Mess, «Rue Kamerich», d'une contenance de 16 centiares et ceci dans l'intérêt public, plus spécialement pour l'incorporation d'un immeuble dans la voirie publique communale. L'acte notarié entre les propriétaires du terrain et la commune de Reckange-sur-Mess a été signé le 8 juin 2021.

7. Approbation d'un compromis de vente

Le conseil communal approuve à l'unanimité le compromis de vente relatif à l'acquisition d'un terrain situé à Reckange-sur-Mess, rue des Trois Cantons, d'une contenance de 7 ares et 80 centiares.

8. Approbation d'une convention relatif au service hivernal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le contrat d'engagement avec la société qui organisera le service hivernal sur le territoire de la commune de Reckange-sur-Mess, pour la période du 1^{er} novembre 2021 au 31 mars 2022 de 22.00 à 06.00 heures du matin. Le contrat d'engagement avec cette société a été dressé le 22 juin 2021.

9. Approbation d'une convention de collaboration avec l'a.s.b.l. VALORLUX

Le conseil communal approuve à l'unanimité le renouvellement de la relation conventionnelle avec l'a.s.b.l. Valorlux, entretenue depuis un certain nombre d'années, dans le cadre du ramassage régulier des sacs bleus dans la commune. Ce renouvellement a pour but l'adaptation à l'élargissement des services offerts, en ce qui concerne la panoplie des déchets plastiques ramassés (films, sacs, sachets, barquettes, pots de yaourt, etc.).

10. Décision sur une augmentation de crédit à inscrire au budget ordinaire de l'exercice 2021

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'augmentation d'un crédit à inscrire au budget ordinaire

de l'exercice 2021, prévoyant de couvrir les frais engendrés par la venue en aide aux résidents victimes des récentes intempéries. En effet, le 4 juin 2021, la commune de Reckange-sur-Mess a été touchée par des intempéries et de violents orages ayant causé des inondations et des dégâts matériels de grande envergure à un nombre important de maisons privées. La commune a entrepris toutes les mesures logistiques nécessaires afin de venir en aide aux victimes de cette catastrophe naturelle. De ce fait, elle se voit confrontée à des frais supplémentaires, entre autre par la mise à disposition de containers pour l'enlèvement des déchets encombrants, nettoyage des canalisations et avaloirs, mise à disposition de containers aux sinistrés pour le stockage de leur contenu etc.

11. Minett-Kompost: Adhésion de la Ville de Luxembourg au et approbation des nouveaux statuts

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'adhésion de la Ville de Luxembourg au syndicat Minett-Kompost et les nouveaux statuts qui en découlent. En effet, la Ville de Luxembourg a exprimé sa volonté d'adhérer au Minett-Kompost en vue d'un traitement des déchets organiques provenant de son territoire. Dans ce contexte, de nouveaux statuts ont été élaborés de sorte à ne pas léser les communes-membres actuelles, d'un point de vue financier ou politique. Il appartient dès lors aux communes-membres actuelles de se prononcer pour l'adhésion de la Ville de Luxembourg au syndicat et d'adopter le texte des nouveaux statuts du syndicat.



12. Enseignement musical – approbation de l'organisation scolaire 2021/2022 et de sa convention

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire 2021/2022 et la convention y relative, fixant les frais de fonctionnement pour l'année scolaire 2021/2022 et les tarifs des cours collectifs et individuels. Au total 94 élèves de Reckange-sur-Mess sont inscrits à l'école de musique de l'UGDA.

13. Avis au sujet du plan national d'organisation des secours (PNOS)

La loi portant sur l'organisation de la sécurité civile prévoit que le ministre de la sécurité civile élabore, en étroite collaboration avec le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) un PNOS. Celui-ci a comme objet de dresser l'inventaire des risques de toute nature pour la sécurité des personnes et des biens auxquels doivent faire face les secours et déterminer les objectifs de couverture de ces risques. Le conseil communal approuve à l'unanimité le PNOS tout en relevant ce qui suit:

- il souscrit à l'objectif principal du PNOS visant à doter le CGDIS de moyens lui permettant dans le futur d'assurer une couverture opérationnelle endéans un délai de 15 minutes dans tout le Grand-Duché du Luxembourg;
- il considère qu'un effort particulier devra encore être mené permettant au CGDIS d'évaluer l'ensemble de ses actions stratégiques, opératives et tactiques, notamment en vue de l'élaboration du prochain PNOS;
- il partage l'avis qu'un effort de conception et de mise à disposition de moyens techniques et surtout humains s'avère nécessaire au cours des prochaines années;
- il peut se rallier au principe de complémentarité entre un effectif de pompiers volontaires suffisant, disponible et motivé, renforcé par des pompiers professionnels, tout en précisant qu'il est primordial d'assurer un haut niveau de formation et d'entraînement de l'ensemble du personnel;
- il souligne l'importance à apporter au Centre d'intervention et de secours Mondercange/Reckange-sur-Mess, qui, de par sa situation géographique et sa proximité aux principaux axes routiers reliant les principales agglomérations du sud du pays par la N13, est en mesure d'atteindre les temps d'intervention fixés par le PNOS. Qui plus est, sa connexion directe à l'autoroute A4, autoroute à fréquentation importante, permet de garantir des interventions rapides au niveau des accidents de la circulation;
- il prend connaissance des conséquences budgétaires nécessaires à la mise en œuvre de la stratégie nationale d'incendie et de secours;
- il félicite l'ensemble des responsables, ainsi que le personnel du CGDIS des efforts menés lors de la lutte contre la pandémie liée au COVID-19.

14. Remplacement d'un membre de la commission scolaire

Par vote secret et par bulletins non-signés, le conseil communal sélectionne une des deux candidatures issues de l'appel à candidatures par le collège échevinal par voie d'affiche, dans le cadre de la démission d'un membre de la commission scolaire.

15. Engagement et fixation des rémunérations des élèves et étudiants pendant les vacances d'été

Le conseil communal approuve à l'unanimité le cadre réglementaire relatif à l'engagement d'élèves et d'étudiants pour le service technique pendant les vacances scolaires. Ce cadre définit certaines règles et obligations, telles l'indemnisation selon les taux applicables à leur âge, leur résidence sur le territoire de la commune et leurs attributions exactes.

16. Cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess – approbation d'un contrat de concession temporaire

Le conseil communal approuve à l'unanimité un contrat de concession temporaire des cimetières de la commune de Reckange-sur-Mess.

17. Statuts «Reckeng hëlleft a.s.b.l.» - prise de connaissance par le conseil communal

Le conseil communal prend connaissance des statuts de l'a.s.b.l. «Reckeng hëlleft».

18. Décision relative à l'allocation d'un subside extraordinaire à l'a.s.b.l. «Reckeng hëlleft»

Le conseil communal approuve à six voix contre trois abstentions de membres du conseil communal, qui sont également membres de l'a.s.b.l., l'allocation d'un subside extraordinaire s'élevant à 5.000 € au compte de l'a.s.b.l. «Reckeng hëlleft». La commune de Reckange-sur-Mess a été saisie d'une demande de subside de cette a.s.b.l. afin de subvenir financièrement à la population locale gravement touchée par la récente catastrophe naturelle. En effet, en date du 4 juin 2021, la commune de Reckange-sur-Mess a été touchée par des intempéries et de violents orages ayant causé des inondations et des dégâts matériels de grande envergure auprès d'un nombre important de maisons privées. Suite à cette catastrophe, une a.s.b.l. a été fondée avec l'objectif de collecter des fonds afin de les redistribuer aux victimes de catastrophes naturelles ou incendies, survenus sur leur habitation dans la commune de Reckange-sur-Mess.

19. Divers (Questions au collège échevinal)

En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment le non-respect de la limitation de vitesse dans les localités, les réclamations contre le bruit constaté dans le centre du village d'Éhlinge ainsi que des possibles mesures à prendre et les désagréments causés par les chantiers sur la voirie publique sur le territoire de la commune.

Sëtzung vum Gemengerot vum 1. Juli 2021

Uwiesend: Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

2. Informatiounen vum Schäfferot

- Den 10. Juni 2021 huet de Schäfferot un enger Videokonferenz mam Ministère du Logement deelgeholl. Haaptthema war den neie Pacte Logement a wéi een eis zwou zukünftig Residenzen aus dem Lotissement „Op de Quäärten“ zu éileng an dese Pacte intégréiert kritt. Fir dëst Thema am Detail ze behandelen soll eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot aberuff ginn.
- De Schäfferot huet sech mat der Direktioun vun der PIMODI Schwemm vu Monnerech getraff, fir iwwert de Reckenger Schüler hir Schwammcourse vum Samschde moien ze diskutéieren. Well si der Meenung waren, dass d'Reckenger Schüler an Zukunft Samschdes moies keng Schoul méi hätten, hu si dës Plagë fräigi fir Babyschwammkursen. Obwuel dës Coursen e grouse Succes haten a sech vill Interessenten ugemellt hunn, wëll d'Direktioun vun der Schwemm eis Gemeng net hänke loossen. Si schléit also vir, eis Coursen unzepassen an dës 10 Minutten ze kieren. Domat kënnen d'Course vun de Reckenger Schüler an d'Babyschwammcourse reiwungslos laanschteneelafen.
- De 24. Juni 2021 gouf de Remembrement vum neie Quartier „Op de Quäärten“ zu Éileng finaliséiert. Déi verschidde Parteie waren all präsent a konnten d'Dokument ënnerschreiwen, sou dass all Partei seng respektiv Parzellen an Usproch huelen kann. Dobäi kënn, dass d'Gemeng Reckeng op der Mess eng Soultte vun insgesamt ronn 900.000 € vun zwou Parteien kritt. D'Geneemegung vum Notarialakt gëtt an der nächster öffentlecher Sëtzung vum Gemengerot ofgestëmmt.
- Den Här Buergermeeschter Carlo Muller felicitéiert de Gemengenatelier an d'Gemengepersonal fir hir Reaktivitéit, Flexibilitéit an Disponibilitéit fir den Affer vun den Iwwerschwemmungen ze hëllefen, am Kader vun den Onwieder vum 4. Juni 2021.
- Den 22. Juli 2021 fënnt déi nächst öffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt.
- Freides, de 6. August 2021 fënnt eng Gedenkzeremonie fir d'Nuklearugréff zu Hiroshima statt, wou sech d'Gemeng fir déi weltwäit nuklear Ofrüstung asetzt. Dëst Evenement gëtt vu „Mayors for Peace“ organiséiert, eng international Organisatioun, an där d'Gemeng Reckeng op der Mess och Member ass, an Zesummenaarbecht mam SYVICOL. Vun deene 60 Lëtzebuerger Gemengen, déi Member bei Mayors for Peace sinn, gouf Reckeng op der Mess ausgesicht fir d'Feierlechkeete vun

dësem Joer. (Méi Informatiounen op der Säit 39)

- D'Fairtrade-Equipe vu Reckeng op der Mess huet de „Kapitän Fairtrades Rallye“ organiséiert, eng Schnitzeljuegd déi bis den 18. Juli 2021 dauert. Si soll et deene Klengen an deene Groussen erméiglechen, duerch d'Gemeng ze spadséieren a flott Froen zum Thema fairen Handel ze beäntweren. De Formulaire ass online an an der Receptioun vun der Gemeng disponibel an e gouf an der Reckenger Schoul an am Jugendhaus verdeelt.

2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung

De Gemengerot geneemegt eestëmmege de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. Geneemegung vun extraordinären Devisen

De Gemengerot geneemegt eestëmmege déi véier folgend Devisen:

- a) Reaménagement an Astandsetzung vun den zwee Agänk an d'Uertschaft Riedgen a speziell d'Aménagement vun zwou Inseln an der Mëtt vun der Fuerbunn um CR178. Den Devis beleeft sech op 180.000 € a gëtt dem extraordinäre Budget 2021 an 2022 zougerechent.
- b) Ersetzë vun de Verkéiersluuchten op der Route de Luxembourg zu Riedgen. Dësen Devis beleeft sech op 35.000 €.
- c) De Bau vun engem neien Dréinkwaasserkanal tëschent Reckeng op der Mess, speziell op dem Foussgänger- a Vëloswee, deen déi zwou Uertschafte matenee verbënnt. Dësen Devis beleeft sech op 675.000 € a gëtt dem extraordinäre Budget 2021 an 2022 zougerechent.
- d) Reaménagement vum Busarrêt „Wäschbuer“ zu Piisseng, seng Mise en Conformité an d'Securisation vum Foussgängeriwweggang a sengen Zougäng. Den Devis beleeft sech op 250.000 € a gëtt dem extraordinäre Budget 2021 an 2022 zougerechent.

4. Entscheedung iwwert eng punktuell Modifikatioun vum Plan d'Amenagement Particulier „Auf der Wieschen“

De Gemengerot geneemegt eestëmmege déi punktuell Modifikatioun vum Plan d'Amenagement Particulier „Auf der Wieschen“ fir d'Gemeng Reckeng op der Mess. Dëse Projet huet déi ganz Prozedur vun de kommunalen Amenagementen an der urbaner Entwécklung duerchgemaach, d'Pläng goufe während 30 Deeg op der Gemeng dem Public fir Consultatioun zur

Verfügung gestellt an a véier Lëtzebuenger Zeitunge publizéiert. Well während deenen 30 Deeg keng Reklammatioun beim Schäfferot agaangen ass, a well d'Madamm Inneministesch dëse Projet geneemegt huet, kann dës Modifikatioun elo dem Gemengerot senger Approbatioun virgeluecht ginn.

5. **Entscheidung iwwert d'Ausübung vun engem Virkafsrecht fir Parzellen zu Riedgen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Verzicht op d'Virkafsrecht op Parzellen zu Riedgen, „Rue du Kiem“ an „Auf dem Kiem“.

6. **Geneemegung vun engem Acte Notarié**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Acte Notarié iwwert de Kaf vun enger Parzell zu Reckeng op der Mess, Rue Kamerich, mat enger Gesamtfläch vu 16 Centiar, dëst fir e Gebai an déi öffentlech Verkäiersweeër z'intégréieren. Den Acte Notarié tëscht de Besëtzer vum Terrain an der Gemeng Reckeng op der Mess gouf den 8. Juni 2021 ënnerschriwwen.

7. **Geneemegung vun engem Compromis de Vente**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg e Compromis de Vente iwwert d'Uschafung vun engem Terrain zu Reckeng op der Mess an der Rue des Trois Cantons, mat enger Gesamtfläch vu 7 Ar an 80 Centiar.

8. **Geneemegung vun enger Konventioun mam Stréidéngscht**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Vertrag mat enger Firma, déi sech ëm de Stréidéngscht am Wanter um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess këmmere wäert, dëst vum 1. November 2021 bis den 31. März 2022, vun 22.00 Auer bis 6.00 Auer Moies. Dëse Vertrag gouf den 22. Juni 2021 ënnerschriwwen.

9. **Geneemegung vun enger Konventioun mat der a.s.b.l. Valorlux**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Erneuerung vun der Konventioun mat der a.s.b.l. Valorlux, déi zenter enger Rei u Jore besteet, am Kader vun der Asammlung vun de bloen Tuten an der Gemeng. Dëst Renouveau huet als Zil d'Upassung un d'Vergrößerung vun den offréierten Servicer a Bezug zum Offall, deen elo an déi blo Tuten dierf (Folien, Tuten, Barquetten, Jughurtsdëppercher, etc.)

10. **Entscheidung iwwert d'Erhéijung vun engem Kredit am extraordinäre Budget vum Joer 2021**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Erhéijung vun engem Kredit am extraordinäre Budget vum Joer 2021, deen d'Käschten deckt, déi d'Gemeng hat wéi si den Affer vun de rezenten Onwieder zur Hëllef komm ass. De 4. Juni 2021 gouf e groussen Deel vun der Gemeng duerch de staarke Reefall iwwerschwemmt. Et koom zu engem héije materielle Schued a vill privat Haiser ware betraff. D'Gemeng huet eng Rei eng lo-

gistesche Moosnamen ergraff fir den Affer vun dëser Naturkatastroph ze hëllefen. Déi zousätzlech Onkäschte sinn duerch d'Zurverfügungstellung vu Containere fir de Sperrmüll entstanen, mee och fir d'Renegung vun de Kanäl an den Ofleef a fir d'Container, déi de betraffenen Awunner zur Verfügung gestellt goufe fir de Stockage vun hire Miwwelen etc.

11. **Minett-Kompost: Adhesioun vun der Stad Lëtzebuerg a Geneemegung vun den neie Statuten**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Adhesioun vun der Stad Lëtzebuerg am Syndikat Minett-Kompost fir d'Entsuergung vum Offall, dee vun hirem Territoire kënnt. An deem Kontext goufen nei Statuten ausgeschafft, sou dass déi aktuell Membergemengen vun engem finanziellen a politeschen Standpunkt hir net benodelegt ginn. Elo ass all Membergemeng gefrot, hir Meenung zu dëser Adhesioun ofzeginn an déi nei Statutentexte unzehuelen.

12. **Museksunterrecht - Geneemegung vun der Schoulororganisatioun 2021/2022 a vu senger Konventioun**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Schoulororganisatioun 2021/2022 a seng Konventioun, déi d'Funktionskäschte vum Schouljoer 2021/2022 an d'Tariffer vun de Kollektiv- an Individualcourse festleet. Et sinn am ganze 94 Schüler vu Reckeng op der Mess an der Musekschoul vun der UGDA ageschriwwen.

13. **Avis iwwert de Plan National d'Organisation des Secours (PNOS)**

D'Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der öffentlecher Sécherheet gesäit vir, dass den zoustänneger Ministere, zesumme mam Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) de PNOS ausschafft. Dëse soll den Inventaire vun all méigleche Risike maachen, déi d'Sécherheet vun der Bevëlkerung op d'Spill setze kënnen a fir déi d'Pompjeeën agräife mussen. De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de PNOS a géing gäre folgend Punkte festhalen:

- De Gemengerot ënnerstëtzt d'Haaptzil vum PNOS, deen dem CGDIS d'Moyene zur Verfügung stellt fir an Zukunft innerhalb vun enger Zäitspann vu 15 Minutten iwwerall zu Lëtzebuerg asazbereet ze sinn;
- En ass der Meenung dass ee ganz besonnenen Effort muss gemaach ginn, deen dem CGDIS d'Méiglechkeet gëtt, den Ensemblen vu sänge strategeschen, operativen an taktischen Operatiounen ze bewäerten, ënner anerem en vue vun der Ausschaffung vum nächste PNOS;
- En deelt d'Meenung dass en Effort um Niveau vun der Zurverfügungstellung vun techneschen a virun allem mënschlechen Moyene an den nächste Jore muss gemaach ginn;
- E wëll sech op e Komplementaritätsprinzip verlossen tëscht engem Effektiv vu fräiwëlleger Pompjeeën, dee grouss genuch, disponibel a mo-

tivéiert ass, a professionnelle Pompjeeën. E wëll och kloerstellen dass en héije Formatiouns- an Trainingsniveau fir dat ganzt Personal absolute Virrang huet;

- En ënnersträicht d'Wichtigkeet, déi dem Centre d'intervention et de secours Monnerech/Reckeng op der Mess ze widmen ass fir dass dësen, duerch seng geografesch Situatioun, no un den Hauptverkéiersaxen, déi iwwert d'N13 déi grouss Stied aus dem Süde matenee verbannen, d'Interventiounszäiten erreeche kann, déi vum PNOS festgehale ginn. Dobäi kënn, dass seng Verbindung un déi héisch frequentéiert Autobunn A4 e séiert Agräife bei Verkéiersaccidenter erméiglecht;
- En hält Kenntnis vun den néidege budgetäre Konsequenzen, déi d'Ëmsetzung vun der Nationaler Brand- an Hëllefstrategie mat sech bréngt;
- E felicitéiert all déi Responsabel souwéi dat ganzt Personal vum CGDIS fir all déi Efforten, déi am Kampf géint d'Pandemie vum COVID-19 gemaach goufen.

14. Ersetze vun engem Member aus der Schoulkommissioun

Iwwert eng geheim Ofstëmmung mat anonyme Stëmmziedelen wielt de Gemengerot ee vun deenen zwee Kandidaten, déi aus dem Opruff vum Schäfferot ervirgaange sinn, am Kader vun der Kënnegung vun engem Member vun der Schoulkommissioun.

15. Astellung a Festleeë vun dem Gehalt fir Schüler a Studente wärend der Summervakanz

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de reglementäre Kader fir d'Astellung vu Schüler a Studenten fir de Service Technique wärend der Schoulvakanz. Dëse Kader definéiert gewësse Regelen an Obligatiounen, sou wéi d'Héischtsch vum hirem Gehalt läut engem Taux, deen op hirem Alter applizéiert gëtt, hir Wunnhaftegkeet um Territoire vun der Gemeng an hir genau Attributiounen.

16. Geneemegung vun engem temporäre Konzessionsvertrag

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en temporäre Konzessionsvertrag vun de Kierfechter vun der Gemeng Reckeng op der Mess.

17. Prise de Connaissance vun de Statute vun der a.s.b.l. „Reckeng hëlleft“

De Gemengerot hält d'Statute vun der a.s.b.l. „Reckeng hëlleft“ zur Kenntnis.

18. Entscheidung iwwert d'Allokatioun vun engem extraordinäre Subside fir d'a.s.b.l. "Reckeng hëlleft"

De Gemengerot geneemegt mat sechs Stëmmen an dräi Enthaltungen vu Gemengerotsmemberen, déi an der A.s.b.l. engagéiert sinn, d'Allokatioun vun engem

extraordinäre Subside fir d'a.s.b.l. „Reckeng hëlleft“, am Wäert vu 5.000 €. D'Gemeng Reckeng op der Mess krut eng Demande fir e Subside eran, deen et der A.s.b.l. erméiglecht, deene Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi am Schlëmmste vun der rezenter Naturkatastrof betraff sinn. De 4. Juni 2021 gouf e groussen Deel vun der Gemeng duerch de staarke Reefall iwwerschwemmt. Et koom zu engem héije materielle Schued a vill privat Haiser ware betraff. Am Kader vun dëser Katastrof gouf dës a.s.b.l. gegrënnt, esou dass Geld ka gesammelt ginn an domat den Affer vun Naturkatastrophen a Bränn um Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess gehollef ka ginn.

19. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Ignoréiere vun de Viteslimitatiounen innerhalb vun den Uertschaften, de Kaméidi, deen am Duerfkär vun Éileng festgestallt gëtt a méiglech Moosname fir dësen z'ënnerbannen an iwwert d'Behënnerunge vun ëffentleche Plazen, déi duerch verschidde Chantieren um Reckenger Territoire stattfannen.



LATE NIGHT BUS
LEUDELANGE - RECKANGE

LA NUIT DU VENDREDI AU SAMEDI
ET DU SAMEDI AU DIMANCHE
À PARTIR DU 2 JUILLET 2021
SERVICE GRATUIT

GEMENG LEIDELANG **RECTIFICATIF** 
NOUVEAUX HORAIRES
Administration communale de Reckange-sur-Mess

TRAJET	ARRÊT	HORAIRE	
KIRCHBERG	ALPHONSE WEICKER (QUAI 2)	1:15	3:15
CLAUSEN	CLAUSENER BRECK (QUAI 2)	1:22	3:22
LUXEMBOURG	BADANSTALT (QUAI 2)	1:25	3:25
